

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Mee 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister weiderzeleeden.

Bis den 9. Mee konnten d'Bierger sech op hirer Gemeng fir e Referendum iwwert den drëtten Deel vun där geplangter neier Verfassung androen. Et verhält sech awer sou, datt den 8. Mee dëst Joer op Sonndes an den 9. Mee op e Feierdag gefall sinn. Deementspriedend konnten d'Bierger also nëmme bis de 7. Mee ënnerschreiwen, obwuel dovun auszegoen ass, datt et vill Bierger géif arrangéieren, dës Prozedur grad op engem fräien Dag wouerzehuelen.

An deem Sënn géif ech dem Här Staatsminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi eng Critère gëllen am Abléck fir d'Festleeë vum Delai vun der Aschreiwungsprozedur?
- 2) Ass d'Regierung der Meenung, datt bei enger Referendumsprozedur d'Gemengen och sollten op Sonndes oder op Feierdeeg eng Méiglechkeet virgesi fir sech kënnen anzedroen oder och, datt fir d'Festleeë vun den Delaie vun enger Referendumsprozedur d'Delaie sollten esou verlängert ginn, datt d'Zuel vun de Sonndeger a Feierdeeg consideréiert a kompenséiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Gemeinsam Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister, a vun der Madamm Inneministesch, op d'parlamentaresch Fro n°6166 vum 10. Mee 2022 vum honorabelen Deputéierten Fernand KARTHEISER.

Den Délai fir d'Ënnerschrëftesammlung ass am Artikel 114, Alinéa 3 vun der Verfassung festgeluecht. An zwar gesäit dësen Artikel vir dass eng Ufro fir e Referendum duerch méi wéi ee Véirel vun de Memberen vun der Chamber oder duerch 25.000 op de Wielerlëschten fir d'legislativ Walen ageschriwwe Wieler, innerhalb vun zwee Méint nom éischte Vote an der Chamber muss gemaach ginn. Dësweideren gesäit den Artikel 9 vum ofgeännerten Gesetz vum 4. Februar 2005 iwwer de Referendum um nationale Niveau vir dass d'Gemengen minimum sechs Stonnen pro Woch mussen op sinn an dass ënnert den Ëffnungszäiten ëmmer de Samschen muss sinn. Laut dem nämmechten Artikel sollen d'Ëffnungszäiten vun de Gemengen esou fest geluecht ginn dass, souwäit wéi méiglech, all d'Wieler d'Méiglechkeet hunn sech an der Gemeng ze presentéieren. Fir de Recht dierfen d'Gemengen selwer décidéieren, wéi eng Deeg an der Woch a wéivill Stonne pro Dag si op hunn.

D'Regierung ass der Meenung dass des Délaien ausräichend sinn.

Lëtzebuerg, den 31. Mee 2022

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier Bettel